Doddeleng a schw. Zeiten

~~An~~ Doddeleng ~~bäim~~ ohne Zivilisten ~~Anz.~~ ~~Affer geréckten Doddelengs~~

Mir haten erzielt dass Doddeleng a 5 Wellen evakuéiert gouw. Déi éischt Well direkt Freides den 10. Mée 1940. Et waren dat Leit déi de Preisen net getraut hun. Déi zwéet grouss Well war Samschdes den 11. Mee, Richtung Frankreich wouwerm déi Doddelenger en Mëttwoch an och Mueth an de Kelleren an Ënnerstänn verbruecht haten; ~~weens~~ tatsächlech weens dem Bombardement aus der Maginot Linn eraus. Et war dat déi gréisste Well mat zirka 10.000 Leit. Déi 3 Well iwert Grenz war Péingschtsonnden den 12te Mee bis 1 Ower Mëttwoch. ~~Am~~ ~~Déi~~ Mueth wiederum waren d'Bewunner sech erem an de Kelleren, Ënnerstänn an an de Gallerien. Déi 2 Dég ~~sinn~~ hu sech ~~wer~~ net all Leit iwert Grenz a Frankreich gerett mä et sin der och an Stad an an d'Land gezunn.

Well Sonndes war 1 Ower Stollepark zu Wuermereng definitif zougemaach gouw, konnt déi 4 Well sech nemmen nach Richtung Stad entwéckelen.

Déi 5 Well war dee ~~Zwangsevakuéierung~~ dekretéiert vun der Preisescher Militärverwaltung ~~an~~ vun Dënschdes den 14te Mee un hätt keen Zivilist méi an Doddeleng dierfe sin. Allerdings hate verschidde ganz Verwegener ~~net~~ versicht an der Verbéiefth verstoppt ze bleiwen. Wa se erwëscht gouwen si se vun de Preise verloffth gin, an an Stad an de Prisong kom. Vum Dënschden un hun also nemmen nach preisesch Militär an Doddeleng gelieren. Am Ufank war d'Ortskommandatur am Haus Lang-Schumacher an der deemoleger Hüttestrooss. Dono gouw se an d'Stadhaus verluecht. Op de meeschten grousse Kräizungen stungen preisesch Poster. An onser leschter Sendung hate mir gesot dass awer bestëmmte Leit emmer erem d'Erlabnes kruten fir op Doddeleng zeréck ze kommen. Sie haten als Ausweiser rot oder weiss Brassarden. Et waren dat meescht Leit déi hirt preisescht Bluth gespuert hun respektif hir Sympathien fir den Okkupant fond haten. Ewéi och de Peter Kneip-Jégers aus der Gärtnerei am Breiningerweg.

Dass wat fir feiern d'Preise sech gedeecht hun dass ~~dunn~~ ~~d'~~ Minett Gallerien bis bannent Grenz a Frankreich géive féieren wesse mer net, mä op jidde Fall hu si ennert den Evakuéierten am ~~dem~~ Land Minenn geschéckt, ~~déi~~ mat deene se op Doddeleng kom sin a sech hu missen iwerzeegen dass esou gangbar Wéer net géiwen existéieren.

É vun den éischten Diddelénger déi nach Erlebnes ob Diddeleng konnt kommen war de Gendarm Alphonse Dauphin. Hien war virun der Evakuatioun of Wasserbillig détachéiert an huet bei den Iwwerfall erliewt. Hien konnt mat enger Camionnett / a Frënn Mimel a Gezei aus der Diddelenger Gendarmerie eraus huelen a bei seng Famill bréngen. Sie profitéieren vun hirem Besuch fir bis an d'Handelsschoos ze goen an do no deem grousse Feier ze kucken. Bekanntlech war ~~dat~~ den ~~Bloc~~ Häser Block mat Teddy Heffert senger Epicerie a Brand geroden. De ganze Block ass ausgebrannt an / an de Kelleren nach glimmt d'Feier. Dest grousst Feier war deem no am Nomëtten vum 14te Mee ausgebrach.

Och de Jean Jacques Friederich krut d'Erlebnes fir ob Diddeleng ze kommen. ~~Oat~~ Sei Cousin de fier Franz Faudel dierf matkommen. Grouss Iwwerraschung. Dem Faudel seng Geschäftsgewierer si schon all geklaut.

Fir Lievensmëttelen aus de Geschäfter eraus ze huelen kruten och Gendarm... d'Erlebnes fir dat ze machen

Den Henri Berg a René Hilld hun och erzielt wéi sie mam Velo op Diddeleng gefuer sin. Sie waren Zeien wéi deitsch Zaldoten d'Stëffter aus der Zechen geklaut an en Auto gelueden hun. Vill preisesch Zaldoten sin duerch Strosse getrollt, an enner hinnen waren der déi e Frack an Zylinder ophaten. Genuch Geschenks war jo an den Häiser ze fannen an wat dovunn gebraucht konnt gin hu sie gedullt alt matzehuelen. Sie, d'Herrenmenschen ware jo an engem friemen Land wat sie erobert haten. Sie erliewen och wéi deemols de Peter Kneip schon e wichtege Mann an der preisescher Hierarchie war a wéi hien konnt eso Zaldoten duerch eeser Geschäfte lossen respektiv am preiseschen Tön ~~bis~~ Militär bis Feldwebel uranzen fir sech de preiseschen Ausdruck "zesumme scheissen" ze gebrauchen.

Wéi ass et nun den Evakuéierten ergaangen, wéi Diddeleng vun Zivilisten eidel war?

Vun deenen rond 13.800 Awunner waren der ongeféier 2500 am Land. Déi meescht waren bei Familljen oder Bekannten an der Stad, zu Dikrech, [illegible], Bastendorf a Bettendorf. Eso wéi d'Militärlag sech entwéckelt huet sin d'Leit dovunner ausgaangen dass d'Evakuéierung geschwënn eriwwer wär an eso de Besuch sech ob eng kurz Zeit géif beschränken. Eng zentral organiséiert Ennerhalung vu Seiten der Stad an de Gemengen war also net nowendeg.

(wo déi Meescht emol mat den Autoe bruecht ~~gi sinn~~)
Ausser dem Rassemblement ~~nach~~ Febiklorkaa am Stadion zu Lëtzebuerg ~~wo déi meescht~~ ~~emol mat den~~ ~~Autoen bruecht~~ sinn 2 Vollekskichen ageriicht. Eng niewent dem Konservatoir bei der Kasären an eng bei de Pateren ob Belair. ~~Déi bekannten sinn no Dispositiounen an enger Vertëschaften ageriicht fir d'~~ Verdeelung hun ~~deemno~~ an ~~de~~ Famillje gelieft sech do méiglech gemaach oder haten eidel Haiser oder Quartier'en zu Verfügung gestallt kritt.

Mä wéi war et mat de Flüchtlingen an ~~de~~ Frankreich? Éischt waren ëmmerhin eng rond 11.000 aus Éisléck; plus déi Escher an aus den aneren Süd Gemengen. Du ass d'rëchtegen Evakuéiertinnen bis haut ugeruff, den déi meescht zu Fouss mat Veloen an Handweenegen bis op Briey gaange sinn. Vun hei si se da weider geleet ginn mat Bussen a mat Zuch. Hei bestung schon eng gewëssen ~~ëftlech~~ Organisatioun. Déi Meescht kummen bis un déi nodréiglech geschafen Demarkatiouns Linn, déi Frankreich an 2 Deeler gedeelt huet. Déi mat den Autoen sinn bal all bis an de Süde vu Frankräich kom. Montpellier war ~~och~~ eng vun den Haaptuflaf Stied. Vun hei sinn d'Evakuéiert dann an déi ëmliegend Dierfer geschéckt ginn. Meeschtens stungen an desen Dierfer Haiser eidel oder a bewunnten Haiser war nach Plaz fir eng ganz Famill oder eenzel Persounen ze logéieren. All des Verdeelungen sinn ziemlech gutt organiséiert vu sech gaangen an d'Gemengen autoritéiten mam Buergemeeschter un der Spëtzt hu sech ëm des Flüchtlinge bekëmmert. Et muss een och gleich soen den d'Lëtzebuerger gutt an entgéintkommend vun de Franzosen opgeholl gouwen. De Germain Franz huet doriwwer bei um Micro ~~deck~~ geschwat an bestätegt. Wat Beköstegung vun desen neien bäigezunnen Awunner betrëfft hun se sech wa méiglech an der égener Kichen gekacht a gelieft. Éinzel Persounen a franséisch Familljen wo se sech méiglech gemaach hun. An Vertëschaften wo ~~méi~~ eng grousse Zuel vun Evakuéierte war huet sech schnell en Organisatiouns Comité gebild an deen huet sech dann zesummen mat de lokalen Autoritéiten drëm bekëmmert fir eng gemeinsam Kichen an Refektoir opzeriichten. Och hei hun d'Lëtzebuerger aktiv matgeholleg ze kachen, ze zervéieren an och d'Liewensmëttelen erbäigeschafen. Gewéinlech hat des Biergerinitiativ och e Büro wo dann Studenten beschäftegt waren. Eng vun de grousse Suergen a Beschäftegung war fir gespléckte Familljen erem ze summen ze kréien. Während der Evakuatioun ~~hätten~~ hate ~~sech~~ sech vill Familljemembere verluer. Sief et dass éier ob engem Auto mëtgefuer sinn an déi aner de Wé zu Fouss oder per Velo weider

gemaach hun an esou de Contakt verluer hun. Och sinn net ëmmer ganz Famillen geschlossen vun Diddeleng fortgaangen. Oft ass de Mann oder Papp deen nach eng Missioun an onser Stad hat nach do bliwwen während d'Fra, Kanner oder d'Elteren de Wee an Frankräich schon ugetrueden haten. Et gung also drem Informatiounen iwwert déi Famillje memberen aus deene verschiddenen Urtschaften ze kréien an déi goufen dann um schwarze Brett bei der Mairie ugeschloen. Muerges war et dann e vun den éischte Weeër dohinner kucken ze goen a womeeglech eng gud Nouvell mat heem ze bréngen. Awer och all aner Informatiounen ware gesicht. Wéi steet et mam Krich? wou stinn Fronten? Wéini gin dann endlech d'Preisen zeréckgeschloen a wéi gesäit et zu Diddeleng aus. Hei sinn dann oft déi erschreckends an oft gottseidank falsch Nouvellen kommentéiert ginn.

→ Eh mir do weider fueren eng kuerz Musek —

Wéi mer schon an de véierter Sendungen erzielt hun sinn bis ëmmelles den 14ten Mee all d'Diddeleng déi hir Stad verlooss hun sief et a Richtung Frankräich sief et an d'Land eran dat freiwëlleg gemaach hun. Vum 14ten Mee un an un hun d'Preisen all Leit déi bis dohinner nach an Diddeleng waren gezwongen ons Stad ze verloossen. Komme mer awer zeréck op déi, déi sech d'Frankräich gerett hun. Wann och haaptsächlech vu Brieg aus eng gewësse Organisatioun fonktionnéiert hut esou sinn awer och vill Leit op eege Faust gefuer. Esou och mam Zuch op Paräis. Hei hat jo Lëtzebuerg eng Ambassade an dofir sinn och op normaler Wéis des Leit an hir Legatioun gaangen. Et waren Meeschtens déi, déi schon Freides Muerges an deenen och schon evoluéierten fréier d'Land verlooss haten. Heihinner waren och schon sämtlech d'Lëtzebuergesch Ministere déi jo och Freides Muerges ugedriecht waren. No eegenen Zeienausso am orgenannte Journal Procès deen de 7te September 1945 vum Parquet hei zu Lëtzebuerg ugangen ass, stungen den 13te Mee 1940 200–300 Lëtzebuerger am Haff vun der Legatioun an der Hoffnung Hëllef a Rot vun hirer Regierung ze kréien. Leider soll ni desen Moment d'Regierung net gebliwwen hun an och ké Büro fir d'Lëtzebuerger do agericht hätt. Et ass unzehuelen, dass, wéi d'Front méi nokomm ass, all des Lëtzebuerger sech weider géint de Süden vu Frankräich ofgesat hun. Den nächste grousse Ulafpunkt war d'Stad Montpellier wéi mer scho gesot hun. Bis heihinner war och de geflüchtete Minister René Blum komm an hat och hei gewunnt. Hei war och de Büro vum Lëtzebuerger Rode Kräiz

den Här Louis Knaff war "Délégué de la Croix Rouge".
Emol ~~zo~~ eng Bemierkung fir déi deemoleg Situatioun vun de Lëtzebuerger Evakuéierten
a Frankräich ze karakteriséieren. Déi eng déi wollten nom Enn vum Krich nach Frankräich
eso séier wéi méiglech nees heem, an déi Aner, déi d'Preisen scho besser kennegeléiert ~~hatten~~ a keen
Vertrauen a sie hatten, wollten am Süde vu Frankräich ënnerdauchen oder besser nach, an
England goen. Wärend vill, besonnesch jonk Leit décidéiert waren an England ze
kommen fir do mat de Waff an der Hand géint d'Preisen d'Fräiheet vun eiser Heemecht
erem ze gewannen stinge[n] ons ~~Depe~~ geflüchte Regierungsmemberen net all ze vill iwwerzeecht
ze sin dass d'ganz selbstverständlech fest, ~~[illegible]~~ d'Preisen de Krich gewe verléieren. Ohni elo hei wellen déi verschidden
Ausssoen a Behaaptungen vun Historiker an Zäitzeien ze kommentéieren an eraus ze fannen
wat tatsächlich deemols d'Wourecht war: feescht ass dass Bestriewungen do waren
fir d'Groussherzogin nees zeréck op Lëtzebuerg kommen ze soll. Allerdings hätt dann missen déi
geflüchten Ministeren demissionéieren. Du ech ka mir virstellen dass ~~dat~~ dat desen Häre
net allzegutt gefall huet. Wat awer och feststeet dat ass, dass souwuel den Här Bodson
wéi och lëtzebuerger Offizéier verschidden Vertschaften opgesicht hun wou Lëtzebuerger evakuéiert woren an do versicht hun
jonk Lëtzebuerger ze gewannen fir sech fräiwëlleg ~~bei~~ d'Alliéiert an eng Armee ze mellen.
Et ass net gewosst dass vun den offizielle ~~Vertr~~ lëtzebuerger Vertrieder am ontbesetzten Frankräich
an eso ennerandeeren och vum Här Knaff de Lëtzebuerger geroode gouw sech fräiwëlleg an
d'Legion Etrangère ze mellen an eso fleisch eng Keier kennen an England landen.
No desem kuerzen Exkurs iwwert d'allgemeng Situatioun wat d'Lëtzebuerger an
d'Evakuatioun betrefft zeréck op den Evakuéierten an di verschidde Gegenden a
Frankräich. D'Evakuatioun vun Esch ass ~~ganz~~ änlech verlaaf wéi déi vun Diddeleng.
Dofir war och de Wé vun den Escher an d'Evakuatioun net fir ~~ev~~ ~~[illegible]~~ all genau deeselwechten
wéi fir Diddelenger.
Genau wéi an de Betebuerger Wiesen bei der Cellula Muerges den 10te Mee géint
5 Auer Fieseler Storchen déi eng ~~[illegible]~~ deitsch Zaldote geland hun eso ~~[illegible]~~ sin och em
déi selwecht Zeit ~~bei~~ ze Esch bei Feitz Loftlandetruppen ~~[illegible]~~ Land gaangen an eng
40 deitsch Zaldoten hun d'Zementswierk besat an sech do agegruewen. Et sin awer
keng Infanteristen wéi zu Diddeleng an d'Stad Esch era gaangen. Well awer sch[o]

ganz Esch vum Iwwerfall wossten hu sech schon eng Partie Leit op de Wé fir an d'Frankräich gemaat. Géint 10 Auer kommen dës Leit erem zeréck an annoncéieren dat vun Audun-le-Tiche aus franséisch motoriséiert Abteilungen mat Tanken a Motorieder an op montéiert Infanterie gewiesen ennert Wé wären fir an Esch eran ze kommen. Mat Freedenausrief an Hipp an Nueschtuffech Schwenken gouwen déi franséisch Zaldote begréisst. Wo an wo sinn bal an alle Stroosse vun Esch Zaldoten mat de franséischen Truppen gesinn. Een keng Freed op, sie wessen wat op sie zoukënnt. Am Stadhaus gëtt besonnesch un d'Poilus'en gin duerch Esch bis d'Alzechbrecker an d'Schëfflenger Strooss. Bis mettes war nach net all geschitt an et heescht d'Preisen hätte sech bei der Deppecher Bréck ageegruewen. Um 3 Auer ass an der Gemeng eng Gemengeroutssitzung. Beim Escher Gaswierk gëtt gestreit an dofir gin d'Leit opgefuerdert all Gaskrunn zouzemaachen an am Gaswierk gëtt och näischt méi geschafft. Esch hat also kee Gas méi. A bestëmmte Quartieren gesäit een och schon franséisch an deitsch Patrullen mateneen. Am spéiden Nomëtteg maachen d'Franzosen och d'Escher Elektrizitéitswierk net méi brauchbar. Also och kee Stroum an keng Luucht méi an Esch. Deitsch Truppen beziehen ëmmer méi a méi ëmmer méi Deeler vun Esch d'Begeeschterung vun den Escher f op eng franséisch Iwwermuecht fällt ëmmer méi zesummen.

De Buergermeeschter Clement fiirt op Oetrange fir Informatiounen vun de Franzosen ze kréien. Awer hei kann kéen Léiw fonnen. Vun do geet et op Aumetz an krut hie gesot sech nemmen d'Leit solle sech aus Esch eraus maachen mä et gëtt esouguer präziséiert si missten Esch verloosse. All Abléck kënnt nämlech den Uerder kommen mat der Schwéierartillerie vun der Maginot Linn an Esch eran ze schéissen. Ob Uffro beim franséischen Generalstab gëtt esouguer kloer gesot dass sie keng Rücksicht op d'Schicksal vun Esch kënnen huelen. Et gingen Gerüchter vum Krich zielen an et klëngt bal wéi en Ultimatum dass Esch bis Samschdes Muerges geraumt misst sinn. Esouguer d'Modalitéiten iwwert des Evakuatioun fir vun de Militärbehörden festgeluecht mat deenen iwwerhaapt net ze diskutéieren ass. An hei war jiddereen sech al dass an der Nuecht vum Freiden op e Samschden nemmen Frauen a Kanner Esch dierften ze verloossen an zwar iwwert Audun-le-Tiche an Samschdes Muerges wo bal et hell war d'Männer an dës iwwert d'Strooss vu Redingen. Dass dest nemmen illusoresch Téorie war huet d'Wierklechkeet schon an den Owendstonne bewisen. D'Maginot Linn wart net bis Esch vun Zeitlosen eidel

an mä Féetz an d'Zementwierk do wo d'Preisen sech agegruewen haten leie gleich am Artilleriefeier. D'Preisen äntwerten an d'Schluecht em Esch an am volle Gang. Et gett Doudeger a Verlëtzter, genau wéi och zu Dudelang.

Déi gutt gemengten Evakuéierungsplang falen wéi e Kaartenhaus zesummen. D'Leit packen wat se mengen missen ze hun an et geet nëmme fort vun Esch. Zwar waren an Esch bestëmmte Sammelplaze virgesin vu wou aus d'Leit sollte mat Autoen forttransportéiert ginn, mä hei ware méi Leit wéi Autoen a Camionen. An dann déi vierdrun ernimmten franséischen Uerder. D'Fraen a Kanner fir sech an d'Männer getrennt. Also net nëmmen d'Gefor vun de Bombardementer mä och d'Trennung vun de Familjen. Eng laang Kolonn vu Flüchtlingen, zu Fooss, mat Handwenegen, Kannerkutschen, Velen, Autoen, Camionen a Camionnetten a vu Päerd gezunne Ween setzt sech a Richtung Frankräich a Bewegung.

Vun Audun-le-Tiche geet et op Audun-le-Roman a weider op Piennes.

Wärend fir déi Dudelanger Briey den éischte grousse Sammelpunkt war, war et fir d'Escher Piennes. Piennes ass eng kleng Aarbechterkolonie an och hei gi d'Flüchtlinger frëndlech an zouvirkommend empfangen. Vun hei aus geet et weider Weg an d'Saône et Loire. Well d'Flüchtlinger bal all Schmelzaarbechter sinn oder domat Eisen ze drangen haten gëtt entschidden se an d'Gegend vum Creusot ze bréngen fir kënnen hei ze schaffen an esou e Verdéngscht ze kréien fir kënnen hiren Liewensënnerhalt ze finanzéieren. D'Rees geet mat vill Ëmweeër iwwer Langres, Dijon - Beaune - Mâcon - Montpellier an Lodève.

An dësen Zentren begéinen sech dann och Dudelanger, Escher, Rëmelenger, Däifferdanger, je all déi Leit aus dem Süden déi geflücht haten dem Krich ze entkommen andeems se sech an d'Frankräich gerett haten.

Esou wäit fir haut, weider geet et an onser nächster Sendung